LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°7605 du 15 février 2023 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser au sujet de l'avenir de l'industrie au Luxembourg**

Et gehéiert zu den Haaptmissioune vum Wirtschaftsministère, fir derno ze kucken datt zu Lëtzebuerg dat ekonomescht Ëmfeld gënschteg ass fir datt sech nei Betriber grënnen a fir datt déi Entreprisen, déi schonns am Land sinn, hir Aktivitéiten ausbauen. Munch Referenzbetriber aus der nationaler Industrie, dorënner Guardian, Euro-Composites an ArcelorMittal hunn zanter 2018, an dat trotz de ville Krisen, Investissementer an d'Moderniséierung an an d'Erweiderung vun hire Produktiounsanlage vun am ganze ronn enger Milliard Euro ugekënnegt.

Wann de Wirtschaftsministère esou Investissementer finanziell ënnerstëtzt, dann ass dat prioritär fir déi dynamesch an nohalteg Entwécklung vun der nationaler Wirtschaft sécher ze stellen, awer och fir d'Diversifikatioun vun der Ekonomie allgemeng virun ze dreiwen, andeems ëmmer erëm nei Secteuren an nei Pilieren entwéckelt ginn. De Wirtschaftsministère promouvéiert an ënnerstëtzt dobäi besonnesch di digital an ekologesch Transitioun bei den Entreprisen. Bei de produzéierende Betriber spillen dobäi d'Digitaliséierung, d'Robotiséierung, d'Dekarboniséierung an d'Analysen an d'Verschaffe vun Donnéeën (Industrie 4.0) eng wichteg Roll.

Wéi schonns an der Äntwert vum 22. September 2022 op d'parlamentaresch Fro n°6645 vum honorabelen Deputéierte präziséiert gouf, gëtt den Ament am Kader vun den Aarbechte vum „Haut Comité pour l'industrie" zesumme mat de betraffene Betriber gekuckt, wéi sech déi Lëtzebuerger Industrielandschaft an deem Kontext bis 2040 soll entwéckelen. Am Kader vun deenen Aarbechte gëtt och definéiert, wéi eng wirtschaftspolitesch Begleetmoossnamen am Kader vun der nationaler Wirtschafts- an Industriepolitik musse geholl gi fir déi Entwécklung ze ënnerstëtzen.

Opgrond vun den Donnéeë vum STATEC fir d'Joren 2013 bis 2020, kann ee feststellen, datt Zuel vun de produzéierende Betriber di zu Lëtzebuerg gegrënnt goufe relativ konstant ass:

| **Joer** | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Industriebetriber di gegrënnt goufen** | 55 | 39 | 35 | 48 | 38 | 40 | 35 | 54 |

Source: STATEC

Den Zuele vum STATEC no, goufen et 2021 ronn 927 Industriebetriber zu Lëtzebuerg, dat hunn deen Ament 2,3% vun all den aktiven Entreprisen ausgemaach. Mat iwwer 30.000 Aarbechtsplazen zanter 1995, ass den Emploi an der Industrie relativ stabel.

Eng genee Zuel vun den Néierloossunge vun Industriebetriber als eenzeg an direkt Konsequenz vu Wirtschaftsmissiounen an d'Ausland un ze gi géing ierféiere well et eng ze vill reduzéiert Siicht op d'Aarbecht vun der Wirtschaftspromotioun wier. D'Promotioun vum Commerce extérieur an den Investissementer ass eng Missioun déi, an der Reegel, op enger laanger Zäitschinn ze betruechten ass.

D’Promotiounsreese sinn ee ganz wichtegen Deel vun dëser Aufgab, mee natierlech och di permanent Efforte vun allen privaten a staatlechen Acteuren di sech ëm d’Promotioun vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg beméien. Fir de Wirtschaftsministère sinn dat op der éischter Plaz déi 9 Luxembourg Trade and Investment Offices (LTIOs) weltwäit. D‘Efforte vun all dësen Acteuren, am Zesummespill mat den Promotiounsreese vun der Regierung, droen hiren Deel dozou bäi, dass sech cibléiert Investisseuren zu Lëtzebuerg nidderloossen di esouwuel bei di national an nohalteg ausgeriichte Wirtschaftspolitik passen ewéi och eng Plus-value fir eis Ekonomie duerstellen.

Den Trade and Investment Steering Commitee (TISC), deen sech ëm d’Koordinatioun vun der wirtschaftlecher Promotioun a Prospektioun këmmert, huet en themespezifeschen interministerielle Comité an d‘Liewe geruff. Dëse Comité huet als Missioun den erstallte „Compatibilitéitscheck“ fir nei, grouss Industrieprojete vun deenen e regionalen an nationalen Impakt kann erwaart ginn. De Comité ass zanter Enn 2022 operationell, huet awer nach kee Projet definitiv aviséiert.

Luxembourg, le 23/03/2023

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot